N°2144
Entrée le 25.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°2144 vum 25. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

1. **Kann de Minister en Tableau präsentéiere vun de Joren 2022 bis 2024 mat den detailléierte Montante pro „Centre national" mat der Präzisioun, op dës Fraise vun enger Federatioun avancéiert gi sinn (opgeschlësselt no Federatioun) respektiv un eng Gemeng oder e Gemengesyndikat (opgeschlësselt no Gemeng/Gemengesyndikat) zréckbezuelt gi sinn?**

   Zousätzlech zu den Elementer aus der Äntwert op d'QP n°804 vum 28. Mee 2024, sinn hei d'Zuelen esou wéi gefroot.

| Centre national | Nom du bénéficiaire | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Stade de Luxembourg | ADMIN. COMMUNALE LUXEMBOURG | 1 072 445.00€ | 2 121 662.00€ | 1 406 633.75€ |
| Centre national de boules et pétanque | FED. LUX. DE BOULES ET DE PETANQUE | 29 305.00€ | 30 807.00€ | 30 760.70€ |
| Centre de formation national de football | FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DE FOOTBALL | 50 000.00€ | 50 000.00€ | 50 000.00€ |
| Centre national de motocross | MOTOR-UNION DU G.-D LUXEMBOURG | 16 734.00€ | 23 399.00€ | 4 115.49€ |
| Centre national de quilles | ADMIN. COMMUNALE PETANGE | - € | 96 764.00€ | 114 478.00€ |
| Centre national de tir aux armes sportives | FED. LUX. DE TIR AUX ARMES SPORT. | 10 304.00€ | 30 145.00€ | 26 591.88€ |
| Centre national de tir à l'arc | ADMIN. COMMUNALE STRASSEN | 18 503.00€ | 23 416.00€ | 24 630.83€ |
| Centre national de voile | VY LUXEMBOURG YACHT CLUB DU G.-D. | 4 634.00€ | 5 000.00€ | 5 000.00€ |
| Centre national des arts martiaux | ADMIN. COMMUNALE STRASSEN | 660 229.00€ | 215 203.00€ | 215 763.48€ |
| Centre national d'escrime | TRES. ETAT-SEGS-LGL | 14 512.00€ | 13 047.00€ | 13 571.44€ |
| Centre national des sports de glace | ADMIN. COMMUNALE LUXEMBOURG | 34 000.00€ | 29 000.00€ | 52 000.00€ |
| Centre national de golf | INTERNATIONAL GOLF & LEISURE SA | - € | - € | 94 626.18€ |
| Centre national de parachutisme | FED. AERONAUTIQUE LUXEMBOURGEOISE | - € | - € | 4 958.66€ |
| Centre national de squash | CK SPORT CENTER | 23 135.70€ | 16 686.00€ | 16 368.60€ |
| Somme | | 1 933 801.70€ | 2 655 129.00€ | 2 059 499.01€ |

2. **Ass de Minister der Meenung, dass et am Sënn vun enger méi grousser Transparenz wichteg wier, esou een detailléiert Tableauen all Joer am Aktivitéitsbericht vum Sportsministère ze publizéieren. Wa jo, wäert dëst dann am Aktivitéitsbericht vun 2025 de Fall sinn?**

Jo.

3. **Un wat fir eng Instanze sinn déi ëffentlech Gelder bei de follgenden „Centres nationaux„ bezuelt ginn a wat ass am Detail do genau bezuelt ginn?**

Déi 2 concernéiert Budgetsartikelen couvréieren d'Fonktionnementskäschten vun deene verschiddene Centres nationaux. Aus dem Tableau hei driwwer geet ervir ween déi verschidde Bénéficiaire sinn.

4. **Am Vergläich zu 2023 sinn de "Centre national de tennis" an de "Centre national de tir à l’arc indoor" ewech gefall respektiv de "Centre national golf" an de "Centre national parachutisme" dobäikomm. Wéi ass dëst ze erklären?**

De Centre national de Tennis ass vum Staat iwwerholl ginn. Betreffend Centre national de tir à l’arc, esou ass deen net ewech gefall. Beim Centre national de golf ass et esou, dass den Décompte fir d’Joër 2023 ze spéit erakomm sou dass dësen net am Aktivitéitsbericht vun 2023 opgeléscht ass. De Centre national de parachutisme ass eréicht rezent, 2024, duerch d’Ennerschreiwe vun enger Conventioun mat der betreffender Federatioun entstanen.

5. **Ass de Minister der Meenung, dass déi néi Definitioun vun nationalen Infrastrukturen aus dem Gesetz vum 21.07.2023 op all des „Centres nationaux“ passt oder misst hei d‘Terminologie ugepasst ginn? Wéi steet dat a Relatioun mam „Centre national golf" a mam „Centre national squash" déi jo wëssentlech net prioritär fir déi jeeweileg Federatioune reservéiert sinn?**

Laut entspriechende Gesetz hunn d’Federatiounen eng “utilisation prioritaire” bei engem Projet “à intérêt national”.

6. **Ass et enger Federatioun erlaabt op engem „Centre national“ kommerziell Sportsaktivitéiten unzebidden? Wa jo, gëtt dëse Recetten da bei de jeeweilegen Decomptë Rechnung gedroen?**

Am Fall wou kommerziell Sportaktivitéiten ugebuede ginn, ginn dës Recette selbstverständlech berücksichtegt.

7. **Wéi ass aktuell de Stand bei de follgenden „Centres nationaux“?**

- **Centre national kayak zu Dikrech, deen et elo schonn zanter 2017 gëtt**

Vue dat nach keng Conventioun tëscht deene verschiddenen Parteien ënnerschriwwe gouf, gëtt et de Centre national kayak net.

- **Centre national aviron**
- **Centre national beachvolleyball**
- **Centre national tennis**

Aktuell ass et nach ze fréi fir heizou eng Ausso ze maachen.

- **Vëlodrome**

D'Aarbechten betreffend Vëlodrome verlafe genau no Plang.

**8. Sinn nach weider " Centres nationaux" a Planung? Wa jo, wat fir eng wieren dat?**

Dës Annonce maachen ech wann d'Planungen ofgeschloss sinn.

**Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo